ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 21. Februar 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

Am Fréijoer 2020 mécht den SNCT seng Dieren zu Maarnech op. Dëst fält méi oder wéineger zäitgläich zesumme mat der Schléissung vun der SNCT-Kontrollstatioun zu Wëlwerwolz.

An engem offizielle Schreiwes gouf elo matgedeelt, datt zu Maarnech och periodesch nach géife Camionen an Traktere kontrolléiert ginn. Mir ass elo awer vun enger Rei concernéierter Bauere matgedeelt ginn, datt zu Maarnech keng Kontrolle vun Trakteren duerchgefouert ginn.

An deem Kontext géif ech gäre folgend Froen un den Här Minister riichten:

1. Ass um Site vun der Kontrollstatioun zu Maarnech prinzipiell virgesinn, datt do kënne Camionen an Traktere kontrolléiert ginn? Wa jo, ab wéi engem Zäitpunkt wäert dat méiglech sinn?
2. Am Fall wou dat net méiglech ass: Op wat fir enger offizieller Kontrollstatiounen hunn d'Baueren aus dem Norden d'Méiglechkeet, fir hir Traktere kontrolléieren ze loossen, ausser zu Colmer-Bierg an zu Sandweiler?
3. Hunn d'Baueren och d'Méiglechkeet, hiert Gefier op enger privater, offiziell zertifiéierter Kontrollstatioun préiwen ze loossen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten